Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DE NICKY KLEIN

Zu Diddeleng den 29. Oktober 1933 gebuer, koum hien kuerz nom 2ten Weltkrich bei d'Peaux-Rouges. Bis 2011 war hien an eise Reien. Während dësen méi wéi 66 Joer huet hien laang de Posten als Wëllefcherschef bekleed. Vun 1988 un huet hien de Grupp 17 Joer laang als President meeschterhaft gefouert. Mat positivem gemeinschaftlechem Geescht a mat eisernem Wëllen huet hien mat Erfolleg et mat fäerdeg bruet fir de Grupp an deenen modernen Zäiten virun ze bréngen an de Projet vum neien Home op d 'Schinnen ze setzen. Als Éierepresident vun de Peaux-Rouges huet hien sech dunn bei den Anciens Peaux-Rouges engagéiert. Bis zou senger Pensioun huet den Nicky an de Gemengenservicer zou Diddeleng geschafft. Bestuet wor hien mam Maisy ZAMBON a Papp vum Christiane an vum Jang. Leider huet hien eis den 17. Dezember 2011 - um Dag vun eiser Chrëschtfeier - fir ëmmer verlooss.

****